# Reglement vum Seefekëschterennen zu Bissen
# den 25. September 2022

**Reegelen a Fuerverhalen**

1. All Seefekëscht muss Steiere kënnen a d'Bremse musse funktionéiere. Een externe Motor oder Undriff ass net erlaabt. D'Seefekëscht muss mindestens 4 Rieder hunn. Axen mussen min. 60cm a max. 120cm laang sinn.

2. Aus Sécherheetsgrënn däerfe keng lasse Gewiichter oder soss ee Gewiicht un oder an der Seefekëscht sinn.

3. D'Rennen gëtt op enger Strecken gefuer déi tëscht 250 a 500 Meter laang ass. D'Héchstgeschwindegkeet dierf net méi wei 60 km/h sinn. D'Rennstreck muss och esou sinn, dass een tëscht Start an Ziel net eng kéier op d'Brems muss goen. Wärend dem Rennen däerf just no der Zillinn gebremst ginn ausser et ass eng Gefor op der Streck.

4. All Seefekëscht gëtt virun dem Rennen eng kéier kontrolléiert.

5. Wann eppes un der Seefekëscht futti ass kann een dat nach innerhalb vun 10 min. flecken wann dat an der Zäit net méiglech ass gëtt een disqualifizéiert.

6. Wann se bis kontrolléiert sinn, däerf een näischt méi drun änneren.

7. Geet d'Seefekëscht wärend dem Renne futti däerf een trotzdeem näischt méi drun änneren ausser et betrëfft d'Bremsen oder d'Lenkung.

8. Et däerf een och just Starte wann een e Helm un huet den ee kann zou maachen an net verrëscht. Net dass do duerch d'Siicht geholl gëtt. Wärend dem ganze Renne besteet Helmflicht

9. Et mussen en och fest Schong un hunn a Kleedung undoen, déi de ganze Kierper bedecken an fest Händchen

10. De Fuerer muss wärend der ganzer Zäit seng 2 Hänn um Steier hunn an d'Äerm däerfen sech do bäi net iwwerkräizen. De Fouss muss stänneg Brems bereet sinn.

11. Wärend dem ganze Rennen däerf ee just op der virgeschriwwener Rennstreck bleiwen. Wann een iwwert Zillinne fiert, däerf een net méi wéi 60km/h hunn well soss kritt ee Strofzäit op geschriwwen.

12. Wann ee Fuerer op der Streck behënnert gëtt, wat net seng eegen Verscholdung ass däerf en den Duerchlafe nach eng kéier widderhuelen.

13. Wann et naass ass oder et Reent an ee beim Rennen net méi fir d'Sécherheet garantéiere kann, da gëtt d'Rennen ënnerbrach.

14. **Ee Fuerer den ënnert Alkohol oder Drogen Afloss steet gëtt aus dem Rennen ausgeschloss.**

15. Do wou eng méi grouss Gefor ass (z.B eng Kéier, Ziel an Zielauslaaf Streck) muss mat genuch Stréihballen ausgeluecht sinn.

16. Gestart gëtt entweder vun enger Ramp oder et kann een awer och en Ofschleefwon huelen. Fir dass se net direkt erof rullen ginn d'Autoen entweder fir un der Spëtzt oder hannen mat den hënneschten Rieder gehalen.

**WICHTEG !!!!!!! DEN DAG GINN OCH FOTOEN GEMAACH DÉI UM INTERNET VERËFFENTLECHT GINN.**

**Undeelnam geschitt op eege Risiko, et muss een eng Verzichtserklärung ausfëllen.**

**Mir wënschen iech all vill Spaass**

**D'Jugendhaus Biissen an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Biissen, dem Club des Jeunes Biissen an dem Jugendtreff Hesper**